



Landwirtschaft : frequently asked questions

(06-04-2020)

Et gëllen d'Bestëmmunge vum Règlement grand-ducal modifié du 18 mars 2020 portant introduction d'une série de mesures dans le cadre de la lutte contre le Covid-19. *Mémorial A n° 165 du 18 mars 2020 et Mémorial A n° 174 du 20 mars 2020*

Um Landwirtschaftsportal sinn déi Mesuren déi d'landwirtschaftlech Aktivitéit concernéieren resüméiert:

Hei an der Annexe fënnt een nach zousätzlech Froen, déi déi Professionell aus dem Secteur sech gestallt hunn:

- [Gëtt et eng Permanence falls Froen sinn?](#)

Jo, um Landwirtschaftsportal am Dossier COVID-19, dee regelméisseg upgedated gëtt, fënnt een all d'Informatiounen, ënner anerem wéi eng Verwaltung wéini ze erreechen ass.

<https://agriculture.public.lu/de/actualites/dossiers/2020/COVID-19-Informationen-fur-landwirte-und-winzer/continuite-des-services.html>

- [Wat geschitt mat den « Dossiers-Demandes de subsides – en cours » ?](#)

Déi Demanden ginn au fur et à mesure weider traitéiert.

- [Brauchen d'Mataarbechter déi eppes op d'Betribler ausliwweren oder eng vum Bauer gefrotten Déngschtleeschtung duerchféieren, ee Certificat fir noutfalls der Police dobausse virzeleeën, wat hiren Déplacement justifizéiert?](#)

De Moment brauch ee keen Certificat, mä mir recommandéieren de Betribler fir hire Salariéen een auszustellen. Hei fannt Dir e [Muster](#).

- [Wien ass den Uspriechpartner bei Liquiditéitsproblemer vun den Betribler?](#)

Zoustänneg sinn d'Ministèren Travail, Economie, Classes moyennes. Um Site Guichet.lu fannt Dir détailléiert Informatiounen, Formulare an FAQ.



• Dierfen Privatleit nach op den Haff bei hiren Direktvermaachter akafen goen?

Jo, wann déi allgemeng Hygiene'sbestëmmungen an déi sougenannte gestes barrière agehalen ginn, kënnen d'Leit weiderhi Liewensmëttel op den Haff akafen goen.

• Dierf de Bauer seng Wuere (Eeër, Mëllech...) nach bei d'Leit ausliwweren ?

Jo, wann déi allgemeng Hygiene'sbestëmmungen an déi sougenannte gestes barrière agehalen ginn.

• Dierf e Wënzer weiderhi liwwere respektiv duerf e Client Wäi bei de Wënzer siche goen?

Jo, dat ass laut den Bestëmmunge vum Règlement grand-ducal erlaabt wann déi allgemeng Hygiene'sbestëmmungen an déi sougenannte gestes barrière agehalen ginn.

• Wéi däerf nach am Wéngert geschafft ginn?

“Les déplacements vers le lieu de travail pour l'exercice de l'activité professionnelle “ (Rgd art. 1) bleiwen erlaabt. De Betriber gëtt recommandéiert ee Certificat fir Salarié'en auszustellen. Hei fannt Dir a [Muster](#).

• Däerfen e puer Leit mateneen an enger Parzell schaffen?

Jo, wann déi allgemeng *gestes barrières* berécksichtegt ginn.

• Wann een Ersatzstécker aus Däitschland brauch, däerf een déi sichen fueren?

Les activités de dépannage, de répartition...nécessaires pour des raisons de sécurité (Rgd art. 3 par.2) bleiwen erlaabt. Ersatzstécker aus dem Ausland am beschten iwwer eng Speditioun liwwere loossen.

• Kenne Bamschoulen /Paysagisten/ Professioneller aus dem Gaardebausecteur an Zukunft nach weider hire Clienten hir Gäert ënnerhalen ?

Dat ass fir den Ament net erlaabt, well prioritär just d'activités esstentielles beibehaale ginn.

• Kenne Fleuristen/Entreprises déi den Entretien vun Zëmmerplanzen an den Büroen maachen, eng Ausnameregeling kréien?

Dat ass fir den Ament net virgesinn.

• Dierfe Pépinièren hier Blummen & Planzen Open-Air verkafen?

Nee, well et duerf jo keen se kafe kommen.



• **Ass et méiglech, och fir Productionsbetriben (Geméis, Uebst, Bamschoul, Blumen, Rollwuess, etc.) de Chômage partiel unzufroen ? Wann jo, ginn et Délaie bei den Demanden vum Chômage partiel?**

Am Prinzip jo, zoustänneg sinn Ministèren Travail, Economie a Classes moyennes. Um Site [Guichet.lu](https://www.guichet.lu) fannt Dir detailléiert Informatiounen an den Online-Formular. Um Site vun der ADEM fannt Dir zousätzlech eng [Rubrik Froen an Äntwerten](#).

• **Wéi ass et mat der Disponibilitéit vun Saisonarbechter?**

D' Situatioun bei den Saisonarbechter ass ganz ënnerschiddlech a kann zu all Moment änneren. Jee no Produktioun variéieren den noutwennegen Zäitpunkt wéi och de Profil vum Saisonarbechter.

Et ass eng nei Plattform <https://www.jobswitch.lu> online op där d'Betriben hir Besoine kennen publizéieren. Zesummen mat der Landwirtschaftskummer sinn do verschidden Profiler vu Leit ausgeschafft ginn.

Et ass een ausserdeem am enke Kontakt mat verschidden Acteuren, wéi dem MBR Lëtzebuerg an dem Lycée technique agricole fir ze kucken op Schüler, op mannst emol während der Ouschervakanz kennen op d' Betriben aushëllef goen.

De Landwirtschaftsminister huet sech dofir agesat datt d'Grenze mat eisen Nopeschlänner weiderhin op sinn, an ass och op europäeschem Niveau permanent a Kontakt mat sengen Homologe fir ofzesécheren datt d' Aarbechter déi an engem "essentielle" Secteur schaffen, zu deem Landwirtschaft gehéiert, op hir Aarbechtsplaze kommen.

https://ec.europa.eu/commission/presscorner/detail/de/ip_20_545

• **Wéi muss een sech verhalen am Fall wou ee Mataarbechter oder de Bauer am Betrib positiv getest gëtt?**

Do gëllen déi allgemeng sanitär Bestëmmungen déi een um Site [covid19.lu](https://www.covid19.lu) vun der Regierung kann noliesen oder op der Hotline kann nofroen: Tel.: 8002 8080

• **Wat geschitt an deem Fall mam Betrib ?**

Wéi an all anere Krankheetsfall gëllen d' Bestëmmungen aus dem Agrargesetz , déi engem eng Hëllefstellung garantéieren. Wichtige Partner hei grad wéi an anere Krankheetsfall ass den MBR Lëtzebuerg. Weider Informatiounen fannt Dir och um [Landwirtschaftsportal](#)

Wat den Aspekt vun der Produktioun vun Liewensmëttel ubelaangt, fënnt een Informatiounen um [Site vun der Sécurité Alimentaire](#). Bei weider Froen sollt een bei der Hotline Tel.:8002 8080 an/oder bei sengem Abnehmer z.B. Molkerei nofroen.



- **Wat sinn d'Reegele fir fräischaffend Vétérinaren ?**

D'Vétérinairesverwaltung huet zesummen mam Collège Vétérinaire an mat der AMVL en Dokument ausgeschafft fir den Vétérinaren Richtlinnen ze gi wéi se solle schaffen.

<https://www.collegeveterinaire.lu/fr/coronavirus>

- **Ginn et speziell Consignen wat Päerdsbetriber ugeet?**

D'FLSE (Fédération Luxembourgeoise des Sports Equestres) huet

[Recommandatiounen](#) ausgeschafft. D'Leit dierfen, wann se d'gestes de barrière anhalen, bei hir Pærd goen. D'Reglement gesäit vir datt d'Persounen dierfen bei hir „animaux de compagnie“ goen.